

Lëtzebuerg, den 11. Februar 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

« De Projet MMUST (modèle multimodal et scénarios de mobilité transfrontaliers), un deem de Mobilitéitsministère zënter 2018 zesumme mat 22 Partneren aus véier Länner schafft, ass en europawäit eenzegaartege Projet fir d'Verkéisersflëss an der Grenzregioun ze modelléieren an an Zukunft de grenziwwerschreidende Trafic besser kënnen z'organiséieren.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

- Kann den Här Minister Detailer zu dësem Projet ginn ?*
- Wéi wäit sinn d'Aarbechten un deem Projet fortgeschratt ?*
- Kann den Här Minister schonn en Tëschebilan vum Projet maachen ?*
- Wéi eng konkret Plus-value fir d'Verkéisersplanung zu Lëtzebuerg an an der Grenzregioun gëtt sech vum Projet vu Säit vum Ministère erwaart ? »*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu